Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la Fnel) Adresse Postale: B.P. 1026 L-1010 LUXEMBOURG

# WANDROUS

## N° 355 Broochmount / Heemount / Hierschtmount 2015
## Juni / Juli / September



Kënnt **5 mol pro Joër** reaus
Abonnement **25,00 Euro**
CCPL: **Lu82 1111 0498 5493 0000**
Chefredakter: Patrick Jénin (Fennec)
Verantwortlech vir Drock an Verschécken: **LBB**
E-Mail: wandrous@lionsbleus.lu
Tel: **49 50 51**

LIONS BLEUS BONNEVOIE 100 HONNERT JOER / 2014 SCOUTS ET GUIDES

**Lies d 'Wandrous da bas du ëmmer up to date!!!**

# Wandrous Publicitéit

Wandrous Publicitéit



## Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*

Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gülteg Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!
Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
**VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gülteg Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristrourne op dem Joresëmsatz!




**www.viking-adventures.de**

# Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus



Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?
Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, drekkech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bas?
Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmeren an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.
Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.
Wells och Du datt d'Scouten weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den "AMIS DES LIONS BLEUS"

# ? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsamt Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren së awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméissegen Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jiddérén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstez och DU ons, wann ech gelift,
mat engem "ordre permanent"*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun "Les amis des Lions Bleus" + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéiën mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréiën, esou kënnen mir mat an op en "revenue" zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.
Natierlech fréën mir ons iwwert en émolegen oder regelméissegen Don!
** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz vielleicht méi liicht ze verkraften ass.
Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!
Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!
***Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!***

# Souche Faakelzuch Souche Faakelzuch




# FAAKEL-ZUCH 2015

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons Mèindes, den 22.Juni
21:00 Auer
bei der Metzlerei Kaiffer op 77,Grand Rue
L-1661 Lëtzebuerg



Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG ! eng TIP TOP Uniform, also:**
**donkelblo Box**
**mat Uniformshiem, Foulard**
**Lions Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat ganzt huët och en Enn !
**An deen fënnt sëch erëm bei der Metzlerei Kaiffer um 23:00 Auer**

**D'Souche ass bis spéitstens den 13/06/2015 bei dèngem Chef oofzeginn !!!**

**Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden !!!**



Jo ech.........................................................................................

ginn och dëst Joër 2015 mat op de Faakelzuch.
an ech sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



...............................................................................................................
ElterenËnnerschrëft

# Virowend Nationalfeierdag Grillstand



# 獅子座-Fest 2015

## am Tempel vun de bloen Leiwen
## den 4. Juli 2015 um 18.30 Auer



**MENU VUM OWEND:**

**Praiss: 20 Euro (1,2,3,4)**
**ënner 18: 15 Euro (Soft + 3,4)**

Aperitif (1)

Entree (2):
Frühlingsrollen mat hirer Sauce op sengem Bett aus grenger Zaloot.

Haaptplats (1 au Choix) (3):
- Asiatesch Nuddelen, an der Paan gedréint mat frëschem Geméis an Poulet.
- Asiatesch Nuddelen, an der Paan gedréint mat frëschem Geméis an Rëndfleesch.

(falls dir Vegetärier sidd, kënnt dir eis gären kontaktéieren vir eng Léisung ze fannen)



Dessert (4):
Crême asiatique mat frëschem Uebst



**Souche:**



Heimat mellen ech ______ vir d`Léiwefest den 4.Juli 15
☐ Persounen iwwer 18 an ☐ ënner 18 un an reservéieren folgend Menu`en:


☐ x mat Poulet

☐ x mat Rëndfleesch

Ënnerschreft: ______

# 獅子座-Fest 2015

## am Tempel vun de bloen Leiwen
## den 4. Juli 2015



Et ass nees esou wait! D`Editioun Léiwefest 2015 steet virun der Dier. Alles ass organiséiert: de Menu, d`Musek, d`Zelt an sou weider... Mee et feelt nach eppes! Genau! DU feels! Vir dass mir e flotten Owend kënnen zesummen hun, muss du dech also esou séier ewéi méiglech bei denge Cheffen umellen! Denk awer och drun dai Menu ze reservéieren an deng Elteren mat ze brengen!

## Waat muss du nach alles wëssen?



- De Rendez-Vous vir Explorer & Cheffen ass um 8.00 Auer beim Home vir opzerichten.

- De Rendez-Vous vir Beaver, Wëllef & Scouten ass um 16.00 Auer beim Home vir ze prouwen.

- Hues du eng Asien-Verkleedung? Dann kanns du déi gären matbrengen an owes um Léiwefest undoen.



## Souche:


Heimat mellen ech ______ main Beaver/Wëllefchen/ Scout/Explorer/Rover/Chef ______ un, vir d`Léiwefest (4.7.2015)

Ennerschreft: ______

# Souche Pow-Wow

Vir SG/Ex/Ro

**BREAKING NEWS-BREAKING NEWS**
Dem **Captain Comic** seng Zwillinge si verschwonnen. Hien ass ausser sëch! Wou kënne se nëmme sinn? Am nämmlechte Moment annoncéiert de béisen Dr.Acula datt sain Aerzfeind **Captain Comic** endgülteg wëll zerstéieren! Zoufall???
Op alle Fall sinn all Scouten vun der FNEL geruff fir dem **Captain Comic** a senger Kris ze hëllefen!
Fanne mer d\` Meedercher rëm?
Packe mer et den Dr.Acula ze stierzen?
Déi ganz **Comic**-Welt huet zougesot!
Mir brauche just nach **ierch Scouten!**




## Weini?

Samstes, den 11.Juli 2015 um 14.00 Auer am Haff vum Geriicht an der **tiptoper Uniform**.



## Retour?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 17.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

## Praiss?

**22 Euro** sinn **bis den 29.Mee** 2015 ze iwwerweisen op den Compte Les Lions Bleus - Rover (CCPL LU 22 1111 7017 2426 0000). No dësem Délai kascht ët 27 Euro!

## Comic-Ausruestung?

**Rouden T-Shirt & blo Kaap (Verkleedung)**, Schloofsaack, Carrymatt, Gamelle + Kichenduch, Wäschsaachen, dem Wierder ugepasste Kleeder, Biergschong, Bidon ...




**Souche?** Ass oofzegin bei déngen Cheffen bis den 23.Mee 2015.

Heimadder erlaaben ech ....................................................
méngem Scout/Guide/Explorer/Rover ....................................................
um Pow-Wow 2015 (11.-12.7.2015) deelzehuelen.

Ennerschreft: ....................................................

# Souche Pow-Wow

Vir Bv/Lx




**BREAKING NEWS-BREAKING NEWS**

Dem **Captain Comic** seng Zwillinge si verschwonnen. Hien ass ausser sëch! Wou kënne se nëmme sinn? Am nämmlechte Moment annoncéiert de béisen Dr.Acula datt sain Aerzfeind **Captain Comic** endgülteg wëll zerstéieren! Zoufall???

Op alle Fall sinn all Scouten vun der FNEL geruff fir dem **Captain Comic** a senger Kris ze hëllefen!

Fanne mer d`Meedercher rëm?

Packe mer et den Dr.Acula ze stierzen?

Déi ganz **Comic**-Welt huet zougesot!

Mir brauche just nach **ierch Scouten!**

## Weini?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 8.45 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg an der **tiptoper Uniform mat engem rouden T-Shirt drënner an blo Kaap.**



## Retour?

Sonndes, den 12.Juli 2015 um 17.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

## Praiss?

**14 Euro** sinn **bis den 29.Mee** 2015 ze iwwerweisen op den Compte Les Lions Bleus - Rover (CCPL LU22 1111 7017 2426 0000). No dësem Délai kascht 18 Euro!

## Comic-Ausruestung?

Gamelle + Kichenduch, Bidon, dem Wierder ugepasste Kleeder, Biergschong, tip-top Uniform, dem Wëllefchen séng 5 Saachen ..



## Souche?

Ass oofzegin bei déngen Cheffen bis den 23.Mee 2015.

Heimadder erlaaben ech ....................................................

méngem Beaver/Wëllefchen ..........................................

um Pow-Wow 2015 (12.7.2015) deelzehuelen.

Ennerschreft: ................................................

# Groussen Summercamp: fir SG/EX/RO/AM

HaPy LIONSBLEUS 2015

## Lo ass ët gläich esou wäit an ët gët keen Zerèck mèi :)

### D'Lèit dèi mat ginn stinn fest

Liana, Danie, Ketty, Aleksis, Harry, Julien, Kaa, Bagheera, Tic-Tac, Lara, Max, Justin, Felix, Sam, Foxi, Ikki, Hathi, Christophe, Nicolas, Eric H., Mauro, Grizzly, Paco, Maki, Tameng, Soa, Chouch, Tamia & Laska...

### D'Route steet fest an d'Sonn d'Bierger an d'Mier ass exklusiv fir d'blo Lèiwen reservèiert

### Weider NEWS krèien d'Kanner um HaPy-Treffen, resp. Dir op der

---

### Präiss? ALL-INCLUSIVE -> 950 Euro

Acompte 2+3: 300 € + 300€, woren bis 1/03/15 respektiv 1/05/15
Acompte 4: 200 €, bis den 1/07/2015
**Paacksaack: 30 €**
op de Compte: Les Lions Bleus Asbl - Rover (CCPL IBAN Lu22 1111 7017 2426 0000)

### Du brauchs nach weider Informatiounen oder hues nach Froën?

keen Problem -> schreiw einfach e mail op hapy15@lionsbleus.lu.
Kontakter vun eis fënns de an der Cheffenprésentatioun Wandrous Ufank Scoutsjoër.

### CAMP T-Shirt HaPy

Jiddereen kritt iwwer d'Campkees zwee T-Shirten.
Fir dat mir dës kënnen bestellen brèischten mir är Grèisst.
Fëllt d'Scouche wgl aus, an gidd dës bis allerspèidstens den 20.Juni 2015 oof!

### HaPy-TREFFEN & ELTERNVERSAMMLUNG den 20.Juni 2015

dëst ass obligatoresch fir jiddereen den matgeet.
Wichteg Informatiounen fënns de op der Säit an dëser Wandrous.

---

### SOUCHE fir den Camp T-shirt !

Ech ______________________________ bestellen mer gären zwee CAMP T-shirt'en an folgender Grèisst
S ___ M ___ L ___ XL ___ XXXL ___ fir mat op den HaPy ze huelen,
an ginn d'Souche bis den 20.Juni 2015 oof !

Ënnerschrëft vum Responsablen: ____________________________

# HaPy 2015 (Treffen & E-Versammlung): fir SG/EX/RO/AM

# HaPy 2015

## 31.Juli - 23.August 2015

## Gläich ass ët sou wäit :)

**D'Viirbereedungen laafen op Héischtourne**
**fir dat alles perfekt fir den 31.Juli steet.**

**Mir an hoffentlech och DU frees dëch op eisen onvergiesslechen Summercamp.**
**Fir dat dësen awer richteg unlaafen kann, stinn nach e puer Datumer op:**

## 20/06/2015

### HaPy - Treffen vun 16:15 - 18:15 am Home

**dës ass obligatorësch fir jiddereen deen matgeet.**

Hei riichten mir eisen Camp emol komplett op, fir dat jiddereen gesäit wèi ët geet. Maachen eisen Campfändel, kucken Material no, an du kriss natiirlech och den neisten Gossip /HaPy News.
Ebenfalls kriss du hei däin Paacksaack an och villaicht schon déng Camp-Zeitung, wann d'Press së schon gedrèckt huet :)

### Elteren Versammlung vun 18:30-19:30

**dës ass obligatorësch fir jidereen deen matgeet.**

Hei kriss du all weider Informatiounen iwwer den Camp, Programm, Material...
Ausserdem kriss du hei och däin persèinlechen Dossier mat der Fiche médicale, enger Apaacklëscht an nach villes méi ...

## 31/07/2015

**Rendez-Vous** um **18:30 Auer** am Home fir den Départ an d'Pyrenäen.

dèi motivèiert STAFF'inhos

# Gruppeversammlung vu Bv/Lx/SG/Ex/Ro




Bass du **Scout**? Bass du duerch an duerch **Scout**? Dreems du **Scout**? Schléifs du **Scout**? Liews de nach oder **scouts** du schon? NEE? Majo dann gett et héich Zait dass du daat emol eng kéier gewise kriss! Warscheinlech wees du daat guer net an wees net wéi et méi einfach ass **Scout** ze sin. An dowéinst ass dës Versammlung DEI Geleenheet!

Komm an erliew mat dengen **Scout**skolegen waat richtegen Scoutismus ass an léier vill Saachen déisdu nach net wees oder nach guer net bewosst waren! An daat alles ass natirlech verbonne mat ganz vill Spill an Spaass!

Also mell dech nach séier un! Mir huelen Jiddereen mat an des wonnerbar Welt vum **Scout**ismus.

## i.SCOUT...
WHY DON'T YOU?

**Weini?** Den 19. September 2015 um 14.00 Auer.

**Wou?** Am Home Les Lions Bleus zu Bouneweg.

**Schluss?** Um 17.00 Auer erem beim Home.

**Waat brauchs du?** Deng tiptop Uniform (Hiem, blo Box/Short), dem Wierder ugepasste Kleeder. Bidon mat Waasser, an alles waat e gudde Scout esou brauch...

**Waat kascht et?** Vir Spaass mat Kolegen muss een naicht bezuelen!

---

Heimadder erlaaben ech ______________________ mengem
Beaver/Wellefchen/Scout/Guide/Explorer/Rover

______________________

un der Gruppeversammlung, den 19.9.2015 um 14.00 deelzehuelen.

Ennerschreft:________________

# Souche Montée

BV, LX,SG, EX



En neit Scoutsjoer fänkt un.
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, dèi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maachen. Sou gët aus engem groussen Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen en klengen Scout an aus engem groussen Scout en klengen Explorer.

Mell dëch sèier un, dats du och dobai bass fir en flotten Weekend mat ze erliewen.



**Wèini:** 3.-4. Oktober 2015
**Wou:** beim Home Lions Bleus
**Rendez-Vous:** 2. Oktober 2015 um 21h00 beim Home (EX + SG dèi d 'Montée maan)
fir de Rescht: 3. Oktober 2015 um 14h00 beim Home

**Retour:** fir Beaver: 3. Oktober 2015 um 18h00 beim Home
fir de Rescht: 4. Oktober 2015 um 15h00 beim Home


**Präiss:** 20,00 €, bis den 26.September 2015 op den Compte vun **Les Lions Bleus a.s.b.l. - Rover** (CCPL IBAN LU22 1111 7017 2426 0000) ze iwwerweisen,
mat der Mentioun: Montée2015 + Numm vum Participant.
Beaver brauchen näischt ze bezuelen, **ausser dèi Beaver dèi d'Montée maachen, mussen 20,00 € bezuelen.**

**Souche:** Ass ebenfalls bis den 26.September 2015 bei dengem Chef oofzeginn.


**Waat brauchs du alles:** Uniform, Schloofsaack + Carrymatt, Täschenluucht +Täschenmesser, Bidon, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong, Jumbo fir d 'Scouten

d'Cheffenéquipe

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech ........................................................ erlaaben
mengem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer
........................................................
un der Montée 2015 vum (2.)3.-4.Oktober 2015
zu Bouneweg deelzehuelen.



........................................................
Ënnerschrëft vun den Elteren

# Programm Beaver

**Juni**



| | | |
|---|---|---|
| 6. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 29. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Juli**

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Léiwefest | am Home LBB |
| 12. | Pow-Wow bei den Aigles | |

Grouss Vakanz



## Schein Vakanz

**September**

| | | |
|---|---|---|
| 19. | Gruppeversammlung | 14:00-17:00 |
| 26. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |

**Oktober**

| | | |
|---|---|---|
| 3. | Montée | 14:00-17:00 |
| 10. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 17. | Keng Beaverversammlung | |
| 18. | Kaffisstuff (Viizweekend) | 15:00-17:00 |
| 24. | Beaverversammlung | 14:00-16:00 |
| 31 | Vakanz | |

Beaverklack



Elsa, Jolly, Foxy, Tic-Tac, Grigri

# Programm Wellef — LX - Programm

JUNI

| | | |
|---|---|---|
| 6. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 13. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 20. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 22. | Faackelzuch | 21:00 - 23:00 |
| 27. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

Juli

| | | |
|---|---|---|
| 4. | Léiwefest | |
| 12. | Pow Wow bei den Aigles | |

## Grouss Vakanz

SEPTEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 19. | Gruppenversammlung | 14:00 - 17:00 |
| 26. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |

OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 3. - 4. | Montée | |
| 10. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 17: | Schwammsortie | |
| 18. | Kaffisstuff | 15:00 - 17:00 |
| 24. | Wellefchersversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 31. | Vakanz | |

Deng Cheffen

Bagheera, Putmini, Kaa, Tchill, Fennec

# Programm Scouten SG - Programm

## JUNI

| | | |
|---|---|---|
| 06. | Patrulllenversammlung | 14:00-16:00 |
| 13. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 20. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 22. | FAAKELZUCH an der Stad<br>& LBB Grillstand beim Metzler Kaiffer | |
| 27. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

## JULI

| | | |
|---|---|---|
| 04. | LÈIWEFEST | |
| 11.-12. | POW-WOW bei den Al | |
| 31.-23.8. | SUMMERCAMP - HaPy 2015 | |



MIR wënschen lerch Alleguerten eng wonner schèin Summervakanz an gesinn eis nees Zerèck gesond & monter am September :):):)

## SEPTEMBER

| | | |
|---|---|---|
| 19. | GRUPPEN-Versammlung | 14:00-17:00 |
| 26. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |

## OKTOBER

| | | |
|---|---|---|
| 03.-04. | MONTÉE | |
| 10. | Truppenversammlung | 14:00-16:00 |
| 17.-18. | VIIZ-WEEKEND oder JOTA-JOTI | |
| 24. | Patrullenversammlung | 14:00-16:00 |
| 31. | keng Versammlung (Vakanz 31.10-8.11) | |



Lènks Patt

Atra & Tamia & Soa & Sam & Neckel

# Programm Explorer
EX - Programm

**Juni**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 06.06 | Explorer-Cheffen Sortie | 16-21 Auer | am Home |
| 13.06 | Uniteitsversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 20.06 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 27.06 | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**July/August**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 05.07 | Leiwefest | | |
| 12.07 | POW WOW | | |
| 31.07.-23.08 | Summercamp | | |

**September**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 19. | Gruppenversammlung | 14-17 Auer | am Home |
| 26. | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |

**Oktober**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 02.-04. | Montée | | |
| 10. | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 17.-18. | Viizweekend oder Jota-Joti | | |
| 24. | Explorerversammlung | 14-16 Auer | am Home |
| 31. | keng Versammlung (Vakanz 31.10.-8.11.2015) | | |



**Fir d'Unitéit :** Tameng/Grizzly/Laurent/2ric/1ric

# RAPPORT Freijorssortie Wellef









# RAPPORT Ouschterweek Beaver

## Superbeaver brauch dringend deng Hëllef!



Vun der Gare centrale aus goung ed direkt richtung Gronn. Do goufen d'Beaver och schon vum Superbeaver empfaang, deen hinnen sain Misär erzielt huet. Hien freet sie em Hëllef , fir him seng Superkräft remzegewannen. Mee ier daat konnt gemaach ginn , hunn d'Beaver missen anhand vun Fotoen den Wee vum Béisen Wollef nogooen, fir dësem d'Handwierk ze leeën. Dëst gepackt, gung ed och schon weider Richtung Home. Am Home ukomm, huet den Superbeaver d'Kanner zu Superhelden gemaach, andeems se sech all hier eegen Heldenmask bastelen konnten an an verschiddenen Spiller hier Superkräft an Beweis stellen konnten. Nom laangen Daach konnten sech d'Beaver dann op Pizza freeën.



Den Daach drop hunn sech d'Beaver , no engem Gudden Moiesiessen, dem Papagei stellen missen. Dësen huet hinnen verschidden Frooen an Aufgaben gestallt, die ons Helden mat Bravour bestaanen hunn. Dono konnten d'Beaver nach hier eegen Superhelden erfannen an molen. Nodeems daat erleedegt war, hunn se sech op d'Sich nom Superbeaver sengen Superkräft gemaach. Mathëllef vun enger Schatzkaart hunn d'Helden dei dann och erfollegraich zreck bei den Superbeaver bruecht. Soumadder war d'Missioun erfellt an d'Beaver sinn rem heem gaang.



**Tic-Tac**

# RAPPORT Beaver FunDay vun der fnel



Samstesmoies den 9.Mee sinn mer vum Glacis aus mam Bus op den Senningerbierg gefuer. Do ukomm, huet den Bibu och schon ëm d'Hëllef vun den Beaver gefroot. An verschidden Posten sollten sie hier d'Kënnen op d'Prouf stellen an mèi iwwert d'Indianer gewuer ginn. Sou hunn d'Beaver vill Spaass bei Posten wèi Bouschéissen, Stockbrout baacken oder och Trommel spillen, gehaat.

Fir all geléisten Aufgab kruuten d'Beaver eng Pärel als Belounung, dèi se zum Schluss och konnten mat heem huelen.

**TICTAC**



# RAPPORT Ouschtercamp

Wellef












# RAPPORT Sixplo

Wellef


















# RAPPORT Parc Merveilleux Wellef





















# RAPPORT CID Dideleng

Wellef























# RAPPORT Ouschtercamp Scouten

**11.04.2015** > Mir si moies erwächt ginn an hu giess. Nodeems mir d'Chargen erledegt haten, hu mir eng Bastel gemaach. Mir missten en Traumfänger bastelen. Mir konnten eisen individuell gestalten. Also grouss oder kleng, mat bloem Fuedem oder wäissem, mat Fiederen oder ouni, mat Päerelen oder ouni, etc. No enger Zäit ass déi Bastelaktioun och eriwwer gaang a mir missten Holz aus dem Bësch seeën a bei d'Feierplaz dron, sou dass mir genuch ze verbrennen haten. An deser Zäit hunn d'Cheffen da gudd Wäinzoossisse mat Moschtertzooss gebroden, déi mir géint Mëtteg giess hunn. No de Chargen hu mir eis Saache gepak fir eis op de Wee an d'Schwemm zu Nidderaanwen ze maachen. Am Ufank huet jiddereen sech ameséiert, mee dono hu mir probéiert de Schwëmmerbadge ze maachen. Bal jiddereen huet e gepackt. Am spéiden Nomëtteg hu mir eis op de Wee bei eis Campplaz gemaach. No bëssen temps libre an nom iessen hu mir en Nuetsspill gemaach. Mir kruten ee Buschtaf op d'Stir gemool sou dass all Patrull herno d'Endwuert vun der anerer Patrull misst rausfannen. Et war relativ lëschteg, awer no 3 Partien hate mir es genuch an hunn eng oder di aner Partie Loup-Garou gespillt. Dat war lo awer den Ofschloss vun dësem Dag.
**Charel Jentges**
Mir sinn gèint 8Auer opgestaanen an hun eis ungedoen. Dunn hun mer zu moien giess. Wéi dunn nom Iessen rëm alles gespullt war hun mer mat enger Bastel ugefangen. Bei dëser Bastel hun mer aus engem holzenem Strong engem Seel an e puer Pärelen Traumfänger gebaut. Daat huet eis all Spass gemaach well mer bis an den fréien Nomëttën eran gebastelt hun. Eigentlech sollten mer deen Dag och an d'Musel schwammen goën, mee well d'Wieder ze schlecht war, konnten mer daat nët maachen. Mee fir dat mer awer och eis Schwammsaachen nët ëmsoss dobai haaten sinn mer dun awer nach bis an d'Schwämm zu Nidderanven getrëppelt. Do haaten mer vill Spass an hun och nach um Enn den Schwëmmerbadge gemaach. Nom Schwammen sinn mer dun rëm zerèck bis bei d'Home gaangen an hun gemiddlech giess an sinn an d'Bett gaangen.
**Charel Simonis**

**12.04.2015** > Mir sinn moies sou gèint 8Auer vum Atra erwäscht ginn an kruuten gesoot, dass mir ons sèier undoën sollten, well mir nach Ouschtereeer sichen missten. Nodems mir se all fonnt hunn, hunn mir als moies iessen Müsli giess. Dono goufen sèier d'Chargen gemach (Spullen+Dëscher botzen an oofraumen). Wou mir färdeg waren, hunn d'Meedercher dann mat eisem Chef Sam Feierholz gemaach an ët dunn och ugemaach. D'Jongen hunn entweder hiren Traumfänger färdeg gemaach oder Wikingerschach gespillt. Dono konnten d'Meedercher daat och missten machen. Virum Iessen goufen nach 4 Gruppen gemaach wou mir dunn géintenaaner Wikingerschach gespillt hunn. Dann wor awer sou lous Zäit komm fir Iessen, also sinn nach zwee Lèit mat an d'Kichen hëllefen komm. Wou mir dann endlech giess hunn war all Mënsch frou dass ët Hamburger goufen. Nom Iessen hunn mir dann sèier onsen Rucksaack gepaack an ons dono an Gruppen opgedeelt: Home botzen, Zelter anpaacken an alles raumen. Nodeems daat alles gemaach gouf, missten mir dann sèier op den Bus, an op der halschent vum Wee kënnt den Julien hannert eis gelaaf, den mir nët gewollt vergiess haaten, well hien den Cheffen nach gehollef hatt. Mir koumen awer nach mat Zäit an den Bus, an sinn rechtzäiteg an der Staat op der Gare ukomm.
**Ketty**






# RAPPORT Ouschtercamp Explorer

Mettwochs hun mir eis gèint 15:00 Auer am Home getraff fir alles zesummen ze paacken waat mer fir den Camp gèingen brauchen, vum Feierholz iwwert d'Zelter bis zu den Kachdëppen. Wèi alles an der Remorque war sinn mer mat verschiddenen Autoen weider an den Home vun den Mamer Wiselen gefuer fir do nach puer Sachen sichen ze goën. Dono sinn mer op direktem Wee op den Misärshaff gefuer wou mer och direkt alles ausgepaack hun. All Zelter goufen opgebaut an dun gouff och schon giess. Et goufen Campingsnuddelen dèi jidderengem gudd geschmaacht hun. Noom Spullen war näischt Extraes mèi um Programm an sou soustzen mer all zesummen am gehëtzten Keller eppes ze drènken, ze babbelen an Kaarten ze spillen bis mer schloofen gaangen sinn.

**Lara**

Mir hun ons um halwer 4 amHome getraff fir d'Remorque ze paacken. Dann sinn mer an d'Home vun den Wiselen weidergefuer fir nach den Rescht anzepaacken an sinn mer lass gefuer Richtung Misärshaff. Do ukomm waren och schon een Deel vun den Loups blancs do als Staff. Dann hun mer mol alles ausgepaack an eis installèiert. Mir hun ons Zelter opgeriischt an ons do dran installèiert. Als Owesiessen goufen ët gudd Campèngsnuddelen, dono gouf gespullt an dann sinn mer an den Keller gaangen, an do hun mer nach bëssen zesummen gelaacht, geschwaat an sinn dono och Schloofen gaangen.

**Max Majerus**

Donnechtes no enger kaler an ongemiddlecher Nuecht sinn mer alleguer relax opgestanen an hun eis ferdeg gemaach an als Moiesiessen goufen ët Mëtschen, Schoki, Tei, Kaffi...Nach während dem Moiesiessen sinn dèi eischt Explorer/Scouten unkomm. Moies hun d'Loups Blancs an d'Wiselen hier Zelter opgebaut währendeems mir schon mat den Kontruktiounen ungefaangen hun an wèi së ferdeg waren hun së och Konstruktiounen gebaut. Am laaf vum Moien hun mir nach en klengt Kennenlèierspill gespillt wou jiddereen eng beliebeg Unzuel vun Fixfeier konnt huelen, an duerno gouffen mer gewuer dass fir all Fixfeier een eppes iwwert sëch zielen muss. Fir d'Mëttegiessen gouf ët en kaalen Buffet wou Jiddereen säin Brèitschen konnt beleen mat Tomat/Mozzarella, Haam, Salami. Nom Spullen goufen d'Konstruktiounen, also d'Kichen, d'Iessbänken, d'Fändelsmasten an d'Spullkichen ferdeg gebaut an Jiddereen huet gehollef an säin Bescht ginn. Während dem Metteg hun d'Explorer vun den Lions Bleus sëch em hier Veillée gekëmmert an och d'Ziedelen vum Mörderspill préparèiert. Owes hun d'Wiselen eis Hamburger gekacht déi wèi ët schéngt Jidderengem geschmaacht hun. Och wann ët den ganzen Daag immens waarm war, ass ët owes immens kaal ginn soubal d'Sonn ënnergang ass. Owes gouf en Feier gemaach an spèider stoung eis Veillée um Programm. Mir wollten den Wiselen an den Loups Blans an engem klengen Stetch weisen waat mir den ganzen Camp sou geplangt hun domat sie och wëssen waat leeft. Nom Sketch gouf d'Mörderspill erklärt an d'Ziedelcher goufen augedeelt domat all Mënsch wees ween een 'ëmbrèngen' muss. No der Veillée gouf am Keller och Feier gemaach domat ët bannen gemiddlech waarm ass an dun konnt een wielen, op een wëll schloofen goën oder nach eppes drènken an sëch amüsèiren wëll.

**Lara Englebert**





# RAPPORT Ouschtercamp Explorer









Freides moies hun mer um 08:15h den Fändel gehisst, an direkt duerno gouf ët als Frühstück "Armer Ritter". No der Spull hu mer eisen Rucksaak gepaak, d'Zelt gebozt an no an no eis Kichenkonstruktioun an d'Iessbänken oofgerappt. Mettlerweilen hu mer als Ekipp sou gudd zesummegeschafft dass daat ganzt ouni Problemer oder Zwëschenfäll oofgelaaf ass. Well mer gudd an der Zäit waren hu mer dun nach gemüddlech d'Zelter agepaak. Als Oofschloss hu mer dun all zesummen beim Feier Packalu giess, d'Plaaz oofgesicht no Dreck an d'Chaîne des adieux gemaach. No an no ass du jiddereen Heem gaang, mir hun nach läscht Klengegkeeten agepaak an sinn dun sou géint 15:30h an d'Home ge- fuer. Do hu mer alles geraumt a gebozt, an schliesslësch sin mir dun och Heem gang.



**Felix**

Samsdeg um 7:30 sin mir moies opgestaan. Nom Karé, hun mir zur Freed vun Jiderrengem eng 2 Wochen Laurenzia gemaach (an aaneren Wieder, ganz vill Kniebeugen). Nom Kaffi an Brout goufen mir alleguer an Gruppen angedeelt fir am Haff ze schaffen an opzebotzen. Déi eng hun Toiletten gebotzt (dèi awer ganz schnell dono erëm drèckeg ginn sinn) an dèi aaner hun am Haff geschafft. Dèi meescht missten den Buedem bei dem Beem oplockeren. Nodeems mir all Wuertsel getraff hun dèi mir kèinten, gouffen ët zwou Zaloten fir den Mettech Iessen. Mir haaten Gromperenzalot an eng Zort vun Reis mat Fleeschzalot. Nom Iessen wor en klengen Traget geplangt. Fir awer den target unzefänken misst een en Message um Haff fannen. Den Message hung um Fändel den een nach roof zèien misst... Also nodeems d'Loups blanches ët fort gerapt hun an nodeems den Fändelsmasst futti gaangen ass, konnten dèi als èischt goën. No dem klengen Traget den ronderëm den Misärshaff gaangen ass haaten mir Temps libre bis den owend. Nom owes iessen (Zopp an Paangëcher) gouf ët e klengen Quiz mat Buzzeren. Nom Quiz sinn der vill direkt an d'Bett gaangen an aanerer hun nach gechilled. Dann war ët awer och Zait fir eis an d'Bett ze goen.
**Justin Vinandy.**





# RAPPORT Sortie 1.Mee Explorer



Wéi d'Joër fierdrun, hunn sëch dëst Joër och erëm d'LBB an d'HoGa getraff fir een schéinen Meekranz ze maachen. Getraff hun mir eis eben um éichten Mee fir 8 Auer beim Home vun der HoGa. Als éischt sinn mir, d'Explorer vun den LBB mat den Explorer vun der HoGa dunn an en Bësch gefuer an dems mir hun dierfen Äscht fir d'Meekränz oofschneiden. Nodeems daat gemaach gouf, sinn mir rëm zrèck bei d'Home vun der HoGa gefuer. Do sinn dunn d'Scouten vun der HoGa och komm, déi hunn eis beim maachen vun 2 groussen an engem klengen Meekranz gehollef. Deen klengen war fir dem Carlo sèng Mamm, déi natirlech och bei allem gehollef huet. Een vun deenen groussen ass bei d'Home vun den Lbb komm an deen aaneren hun mir nodeems alles geraumt an gebotzt war, zesummen an d'Altersheem am Paffendall bruet wou dunn den Meekranz opgehaangen gouf an jiddereen mol e bëssen Gespréich gesicht huet mat den eeleren Lèit dèi am Altersheem liewen. D'Lbb sinn dono zrèck bei hiert Home gefuer, wou dunn och hieren Meekranz opgehaangen gouf. Begleet goufen mer den ganzen Moien vun 2 Muppen, eng kèier vum Heaven an vum Ayka. **Sam**

# RAPPORT MiniOlympiad Explorer


Mir hun eis mat eisen Veloen um 14h00 bei eisem Home getraff an dann mol während 15min. dofir gesuergt dat all Velo genuch Loft an de Pneuen hat an d'Ketten ordentlech geschmiert sin. Wei dann alles prett war, ass et lassgangen an mir hun eis duerch den ugrenzenden Besch op de Wee Richtung Gronn gemach. Wèi mer op der Hèischt vum Scott's Pub ukomm woren, hun mer eis dozou dècideiert nach ee klengen extra Tour ze maan fir bëssen warm ze ginn. Also sin mir den Bierg laanescht Aula hannert der Abtei Neumünster rop gefuer an ënnert d'Eisenbunnsbrèck Richtung Clausen rëm erof gefuer. Do sin mer dann rëm den Bierg erop gefuer Richtung Mechelskierch mee sin firdrun riets oofgebeit an sin mer nees beim Altersheim Pfaffental rauskomm. Vun do aus hun mer eis op de Wee Richtung Gronn gemach wou mer dann op enger Platz nierwend dem Fitnesspark eist èischt Spill: Steinweitwurf gemach hun. Bei dëser Disziplin huet den Tameng hausheisch gewonnen. Dono sin mer puer Meter weider gefuer an hun bei engem Bam daat zweet Spill gemach: Asthängen. Dest konnt den Felix fir sëch dècideieren mat enger Zeit vun ëm dèi 50 Sekonnen wou en um Ascht hung. Op der glaicher Platz nach hun mer direkt dono den Velosprint gemach deen ech dann mat engem zengtel Firsprong an der Zäit gewonn hun. Doropshin hun mer een Teambuildingspill gemach wou ët, wèi een op de Biller gesäit, drems gang ass nierwendenen mat den Veloen stoenzebleiwen ouni den Buedem mat den Fèiss ze bereièren. Daat war eng wierklech flott an och witzech Idee. Dono hun mer nach gekuckt ween am luesten kèint mam Velo fueren. Dëst hun ech dann och gewonnen nodeems ech de Felix an den Justin ofgehangen hun. Dun hun mer eis Richtung Home LBB gemach an hun eis während dem Bilan een erfrëschenden Softdrink gegënnt. An domat war d'Versammlung dann och eriwwer an mir sin Heem gangen. **Eric Macé**



# RAPPORT Sortie Amnéville Groupe











**Samsdes ,den 23 Mee 2015**
Vue-que dat den Pëngschtcamp wèint manque un Participant'en oofgekierzt gouf, hun mir eben awer nach eng cool Sortie an den Zoo op Amnéville gemaach. Pëngschtsamteg hun mer eis also alleguerten beim Home getraff, fir zesummen an d'Frankraich ze fueren. Wou mir moies am Park ukoumen, waren nach nët esou vill Lèit do. Mir hun am Grupp den Tour vum ganzen Zoo gemeet an hun dèi verschiddden Zonen eng no der aanerer duerchgeholl. Nach moies hun mer en Braunbär gesinn an nach vill aaner wëll Dèieren an woren fir d'Mëttesstonn eng Séihondshow kucken. Iwwerall Dèieren iwwer Dèieren… Mëttes wollten mir zum Schluss eng Tigershow kucken goën, awer die war leider schon ganz voll (well do muss een anscheinend schon bis zu enger Stonn virdrun do waarden9 ) an du sinn mir direkt vis-à-vis eng Greifvogelshow kucken gaangen die och ganz interessant war. Sou ass ët och Zäit ginn fir sëch nees op den Heemwee ze maan, ënnerwee nach schnell eng Glace gefaangen, an den Souvenirsbuttik an dann sèier heem an irgendwèi wor d'Zäit verflunn.
**Danie Frisch**



# Shop Lions Bleus — LBB-Shop

Sechert ierch elo den

# Starter-Pack Lions Bleus

## Dee Praiss schléit an!!

Alles waats du brauchs vir en gudden Lions Bleus ze sinn ass hei dran! An daat ganzt an enger spezieller Offer elo nëmmen an den LBB-Shop vum Vertrauen.



**LBB-Pulover** → Eenzelprais **25 €**



**LBB-T-Shirt** → Eenzelprais **12 €**



**LBB-100-Becher** → Eenzelprais **16 €**



**LBB-Kaap** → Eenzelprais **12 €**


**TOTAL** ~~**65 €**~~

ELO NEMMEN NACH VIR

**55 €**

## Aaner Produit'en am LBB-Shop:

| | |
|---|---|
| LBB-Mutz | 12 € |
| Foulard | 5 € |
| Knuet | 3 € |
| Vademecum (Wëllef) | 10 € |
| Scoutsbichelchen | 10 € |
| De Jaizert | 10 € |
| LBB-Badge | 4 € |
| LBB100-Button | |



Emys, ennert der Hauf!

# et schéngt

et schéngt

01)wèi wann d'LBB nach ëmmer eng Camionette sichen gèifen fir hieren SummerCamp dem Ha-Py.
02)wèi wann dëst Joër irgendwèi een Meekranz bei eisem Home um Gelänner gehaangen hätt.
03)wèi wann den Wee op der WëllefchersfédéralAktivitèit ,Sixplo' mat Cacahuetten gezeechent wor.
04)wéi wann d'Première vun der Grillparty ënner Cheffen dem Gruppechef sain Gaart gesprengt hätt.
05)wéi wann d'FNEL nët esou richteg wees wéi & wou së sëch am Joër 2020 gesäit.
06)wéi wann dës Joër Pëngschten de Gros vun de Lëtzebuerger an de Süden an d'Sonn gefuer wier.
07)dat eisem Paradiesvillchen säin Liewensrythmus ab dem 1.Juni 2015 sëch liicht veränneren dierft.
08)wéi wann eis EX-Unitèit sëch all zesummen Ufank Mee op eng VeloOlympiad gemaach haaten.
09)wèi wann d'LBB den PC gecancelt haate fir dann awer eng flott Sortie mam haarde Kär ze maan.
10)dat CheffenEkip no laanger Abstinenz mol nees um Nuetsrallye vun de PI&MW mat um Start wor.
11)dat een nees säit engem Mount eisen wonnerschèine/gudd geleenen ScoutsChalet lounen kann.
12)wèi wann den RoverWeekend Ufank Mee zwar am Kalenner stoung, an awer leider nët oofgezunn gouf.
13)dat e puer Gruppen en Stand um ING-Marathon haaten, fir Geld ze sammelen fir Nepal Projet'en.
14)wèi wann d'Préparatioune fir eisen SummerCamp dem HaPy 2015 ab elo op Hèischtouren laafen.
15)dat och dëst Scoutsjoër oofgeschloss gët mam Pow-Wow, an daat bei den Al am Thema Comics.
16)wèi wann den Fédéralen Beaver Fun-Day dës Joër ganz am Thema Indianer gestaanen haat.
17)wèi wann eis Scoutskollege aus dem Rollëngergronn nët geléiert ginn, wéi een mat Suen rechent.
18)wèi wann eisen Wiener Student no laangem hin & hier endlech de Cedies accordèiert kruut.

# et schéngt nët nëmmen

et schéngt nët nëmmen

01)wèi wann së déi déi së schon versprach kruuten elo awer nët gèifen krèien.
02)wèi wann d'Explorer dëst Joër ganz einfach och een fir eisen Home mat gemaach hun.
03)wèi wann d'Villercher zimmlech gudd Aarbëscht geleescht haaten an gudd hongerech waren.
04)dat daat ët elo à Tour de Rôle vu Chef zu Chef gèif goën an op e nächsten Datum gewaart gët.
05)wéi wann sie dofir op eis Jugend an Zukunft géif setzen dat sie hëllefen an ze guidéieren.
06)dat den TraditiounsPëngschtGruppeCamp kee grousse Succès fonnt haat an dofir ofgekierzt gouf.
07)dat hien elo ënnert Baquier'en geet an evtl.demnächst de Posten vum Gruppcaissier unsteiert.
08)dat sie heibai duerch Teamspiller na mèi zesummen fonnt hun a sëch besser kennengelèiert hun.
09)dat sie op Amnéville gefuer woren fir do den Zoo onsëcher ze maan an sëch super amusèiert hun.
10)dat sie bis virun Schluss um Siegerträpchen woren, an wèint puer Punkte op dèi 4.Plaatz gefall sinn.
11)dat mer e neien Responsable fonnt hun,dien sëch ëm den Volet Locatioun këmmeren wärt.
12)dat Enn Juni een a besserer Saison stattfanne wärt,an do Excuse alias PrüfungStress në mi zidd.
13)dat dèi aaner Së gudd ënnerstëtzt&ordentlech Présence gewisen hun an deels matgelaaf sinn.
14)dat Participant dèi mat dobai sinn, sëch na emol op engem HaPyTreffen gesinn als Generalprouf.
15)wèi wann d'Lions Bleus fir daat grousst Fest zwar schon ugemellt sinn, mee nach eng Rei feelen.
16)dat eis Colonie gudd vertruede wor, an eng Rei Mini-Beaver sëch mat an Abenteuer gestierzt hun.
17)wèi wann sie ouni Mathematiker Schmitt&D'Amore en massive Verloscht um ING gemaa hätten.
18)dat hien och soumat nët mèi um Zännfleesch rutscht an d'Suen fir Pyrenäen e Mèinden iwerweist.

# les amis des Lions Bleus

amis LBB

MM Majerus Evelyne, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MM Kyu Thull, MM Fay-Bisdorf, MM Kremer-Braun, M.Sinner Robert, Famille Beiler, MM Majerus Patrick, Anonyme, MM Schaack-Hirsch Albert, Famille Reiners, MM Federmeyer Berthe, M.Grün Joé, MM Heinen G. + Sendel Denise, M.Rohmer Kevin, MM Jung Thomas...

# 3 Méintprogramm

3 Méintprogramm

## juni'15

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | |
| Dë | 2 | |
| Më | 3 | Cogra |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| **Sa** | 6 | Beaver / Wëllef / Patrull<br>**EX - Sortie** |
| So | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | Permanence |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| **Sa** | 13 | Beaver / Wëllef / Troupe / Unitéit |
| So | 14 | |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | |
| Më | 17 | Permanence |
| Do | 18 | Comité |
| Fr | 19 | |
| **Sa** | 20 | Beaver / Wëllef / Patrull / Explorer<br>**HaPy Meeting&EV** 16:15&18:30 |
| So | 21 | |
| Me | 22 | **Faackelzuch & LBB Grill** |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | Permanence |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| **Sa** | 27 | Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer |
| So | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |

## juli'15

| | | |
|---|---|---|
| Më | 1 | Cogra |
| Do | 2 | |
| Fr | 3 | |
| **Sa** | 4 | **LÉIWEFEST** (Asia) |
| So | 5 | |
| Me | 6 | |
| Dë | 7 | |
| Më | 8 | Cogra |
| Do | 9 | Comité |
| Fr | 10 | |
| **Sa** | 11 | **POW-WOW fir SG/EX/RO** |
| So | 12 | **POW-WOW fir Jiddereen** |
| Me | 13 | |
| Dë | 14 | |
| Më | 15 | Permanence |
| Do | 16 | |
| Fr | 17 | |
| **Sa** | 18 | |
| So | 19 | |
| Me | 20 | |
| Dë | 21 | |
| Më | 22 | |
| Do | 23 | |
| Fr | 24 | |
| **Sa** | 25 | |
| So | 26 | |
| Me | 27 | |
| Dë | 28 | |
| Më | 29 | |
| Do | 30 | |
| Fr | 31 | **HaPy 2015**<br>**31.07.2015 - 23.08.2015** |

## september'15

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | |
| **Sa** | 5 | |
| So | 6 | |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | Permanence |
| Do | 10 | |
| Fr | 11 | |
| **Sa** | 12 | |
| So | 13 | |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | Permanence |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | Wandrouseinsendeschluss |
| **Sa** | 19 | **Gruppenversammlung**<br>14:00-17:00 |
| So | 20 | |
| Me | 21 | |
| Dë | 22 | |
| Më | 23 | Permanence |
| Do | 24 | |
| Fr | 25 | Wandrousredaktionsschluss |
| **Sa** | 26 | Beaver / Wëllef / Troupe / Explorer |
| So | 27 | |
| Me | 28 | |
| Dë | 29 | |
| Më | 30 | Permanence |

# Allerläscht Wandrous - Säit

www.lionsbleus.lu

Mir stin um Kapp vir
d 'Wandrous ze liesen



* THAT'S ALL FOLKS